Energiekooperativ Kanton Réimech

# Rapport vun der 1. Generalversammlung 2022-2023 (art.31 procès verbal) um 19:00 am Bierger a Kulturhaus zu Mondorf, de 26. Juni 2024

RCS 24521520

## *Ordre du jour / Dagesuerdnung*

1. Ouverture de l'assemblée générale - Begréissung
2. Constat du quorum présent et représenté - Feststelle vum Quorum
3. Rapport général du Conseil d'administration - Bericht vum Verwaltungsrot
4. Présentation du bilan et du compte pertes et profits de l'année 2023 - Bericht vum Tresorier
5. Rapport du commissaire aux comptes externe - Bericht vum Keeserevisor
6. Affectation des résultats, Réserve légale - Affektatioun Resultater & Réserve légale
7. Budget 2024
8. Décharge à donner au conseil d'administration - Entlaaschtung vum Conseil
9. Nomination du commissaire aux comptes externe - Neiwal vun de Keeserevisoren
10. Présentation des candidats et élection des membres du CA
    Virstellung vun de Kandidaten a Wal vun zousätzleche Verwaltungsrotmemberen
11. Présentation des projets et activités pour l'année à venir - Virstellung nei Projeten an Entwécklungsziler
12. Divers, Questions et réponses - Froen an Divers

### 1. Begréissung vum President

Mike Molling, President vun der Energiekooperativ aus dem Kanton Réimech «EKR» begréisst Memberen an d'Éieregäscht,(e.a. Steve Reckel Buergermeeschter vu Munneref, Olivier Martin vum Energiepark Réiden) a seet hinne villmools Merci fir hier Präsenz an hiert Vertrauen an de Verwaltungsrot «VR». Hien erkläert kuerz wéi de Verlaf vun der GV geplangt ass. Hien erkläert och, datt aus ekologesche Grënn d'Aluedung mam Ordre du jour per email, als Newsletter, un all Membere verschéckt gi war. An senger Usprooch weist hien op déi gutt Zesummenaarbecht am VR hin, stellt seng Equipe vir, an entschëllegt, krankheetshalber, de Gérard Willems.

### 2. Feststelle vum Quorum ( Beschlossfähegkeet)

Mayke Lentz stellt Beschlossfähegkeet (Quorum) vun der uerdentlecher Generalversammlung «GV» fest. Vun den 63 Kooperateuren (Enn 2023) waren der 21 präsent, a 5 Memberen haten eng Prokuratioun ofginn.(s. Anhang)

### 3. Bericht vum Verwaltungsrot (14.7.2022 – 31.12.2023)

De Secrétaire vun der EKR, Daniel Schmit mécht dann de Bericht vum VR vun der Grënnung ,vun der EKR, de 7. November 2022 bis zum Dezember 2023. Et gëtt kuerz op Geschicht vun der EKR an op Aarbechten verwissen, déi am Virfeld vun der Grënnung geleescht hu misste ginn. Aus den deemolegen 8 Gemengen haten sech de 14. Juli 2022, 8 Delegéiert (je 1 aus all Gemeng) zu Munneref, zesumme mam Här Thomas Wallrich vum LEADER-Miselerland, dem Här Olivier Martin vum Energiepark Réiden an dem Munnerefer Buergermeeschter Steve Reckel, afonnt.
No den administrativen Arbechten am Virfeld, sinn an der Grënnungsversammlung Charge verdeelt ginn:
President an Administrateur: Mike Molling (Waldbriedemes); Newsletter: Mayke Lentz- Herbrink (Stadbriedemes); Generalkoordinator: Gérard Willems (Schengen); Vizepresident/Administrateur: Bruno Renders (Lenneng); VR-Sekretär: Daniel Schmit (Bous); technesche Beroder: J-P Schengen (Réimech); technesche Beroder: Luc Mangen (Duelem); Internet/facebook: Sven Flammang (Munneref).
Fir nobaussen hi Vertrauen an Kooperativ ze ënnerstraichen hunn déi 8 Membere vum VR sech och direkt mam Kaf vu Parten engagéiert. Statute sinn ausgeschafft ginn, an Sich no potentiellen Daachprojeten ass gestart ginn. Zesumme mat der Gemeng Munneref ass den 1. Projet um Boulodrome ugepaakt ginn. D'Aweiung war den 1. August 2023. Eng éischt Informatiounsversammlung war den 8. Februar 2023 zu Munneref, wou ca. 140 Leit uwiesend waren.
Am Ganzen ass de VR fir 13 Versammlungen zesumme koum . Fir EKR an de Gemenge bekannt ze maachen, a fir déi potentiell Daachflächen/Projeten erauszefannen, waren och Réunioune mat de Gemengeresponsabelen aus dem Kanton Réimech.
Fir de Kontakt mat eise Mëmberen ze halen, ass eis Internetsäit «www.EKR.lu» ageriicht ginn. Mat aktuell 10 Newsletter informéiere mer ca. 130 Abonnenten.

## 4. Bericht vum Tresorier

De Luc Mangen huet de Bilan (November 2022 - 31.Dezember 2023) an de Rapport vun der Fiduciaire virgestallt.

| | | |
|---|---|---|
| *Einnahmen:* | *Parts* | *76.200 €* |
| | *Zënsen* | *72,55 €* |
| ***Total:*** | ***76.272,55 €*** | |
| *Ausgaben:* | *Homepage www.ekr.lu* | *253,45 €* |
| | *Steierverwaltung* | *534,99 €* |
| | *Beitrag CdC + Eurosolar* | *170,00 €* |
| | *Gebühr Bank + Fiduciaire* | *366,00 €* |
| | *Projet Boulodrome* | *34.783,80 €* |
| ***Total:*** | ***36.178,24 €*** | |

***Bilan 31.12.2023 : 40.094,31 €***

*Gestioun vun der EKR gëtt vun GT Fiduciaires (M.Mathis Ast) gemaach.*

**Energiekooperativ Kanton Remich**

**Comptes annuels**

Dossier N° 40660

Page N° 1

**Valeurs EUR**

| | Codes | 2023<br>2023 | 2022<br>2022 |
|---|---|---|---|
| **C. Actif immobilisé** | AC | **32.967,84** | |
| II. Immobilisations corporelles | ACII | 32.967,84 | |
| 2. Installations techniques et machines | ACII2 | 32.967,84 | |
| 22210001 Installations techniques - Boulodrôme | ACII2 | 33.716,34 | |
| 22210009 Instal. techn. - correction de valeur | ACII2 | (748,50) | |
| **D. Actif circulant** | AD | **42.851,76** | **8.000,00** |
| II. Créances | ADII | 2.640,51 | |
| 1. Créances résultant de ventes et prestations de services | ADII1 | 1.000,00 | |
| a) dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an | ADII1a | 1.000,00 | |
| 40120000 Clients - Effets à recevoir | ADII1a | 1.000,00 | |
| 4. Autres créances | ADII4 | 1.640,51 | |
| a) dont la durée résiduelle est inférieure ou égale à un an | ADII4a | 1.640,51 | |
| 42143000 Impôt sur la fortune (IF) | ADII4a | 534,99 | |
| 42161200 TVA à recevoir | ADII4a | 1.105,52 | |
| IV. Avoirs en banques, avoirs en compte de chèques postaux, chèques et encaisse | ADIV | 40.211,25 | 8.000,00 |
| 51311000 BGL LU16 0030 5743 5047 0000 | ADIV | 15.091,76 | 8.000,00 |
| 51312000 BGL Dépôt à compte | ADIV | 25.119,49 | |
| **E. Comptes de régularisation** | AE | **78,05** | |
| 48100000 Charges à report. (sur 1 ou plus. exer.) | AE | 78,05 | |
| **TOTAL DU BILAN (ACTIF)** | | **75.897,65** | **8.000,00** |

**Energiekooperativ Kanton Remich**

## Comptes annuels

| Dossier N° | 40660 |
|---|---|
| Page N° | 2 |

**Valeurs EUR**

| | Codes | 2023<br>2023 | 2022<br>2022 |
|---|---|---|---|
| **A Capitaux propres** | PA | **75.362,65** | **8.000,00** |
| I. Capital souscrit | PAI | 76.200,00 | 8.000,00 |
| 10100000 Capital souscrit | PAI | 76.200,00 | 8.000,00 |
| VI. Résultat de l'exercice | PAVI | (837,35) | |
| **C. Dettes** | PC | **535,00** | |
| 8. Autres dettes | PC8 | 535,00 | |
| a) dettes fiscales | PC8a | 535,00 | |
| 46123100 IF - charge fiscale estimée | PC8a | 535,00 | |
| **TOTAL DU BILAN (CAPITAUX PROPRES ET PASSIF)** | | **75.897,65** | **8.000,00** |

**Energiekooperativ Kanton Remich**

## Comptes annuels

| Dossier N° | 40660 |
|---|---|
| Page N° | 3 |

**Valeurs EUR**

| | Codes | 2023<br>2023 | 2022<br>2022 |
|---|---|---|---|
| **1. Chiffre d'affaires net** | R1 | **1.000,00** | |
| 70210000 Ventes de produits finis | R1 | 1.000,00 | |
| **5. Matières premières et consommables et autres charges externes** | R5 | **(507,89)** | |
| b) Autres charges externes | R5b | (507,89) | |
| 61333000 Frais cpts,comm. banc.,drts garde/tit. | R5b | (18,00) | |
| 61342000 Honoraires compta.,fisc.,audit et assim. | R5b | (300,00) | |
| 61480000 Autres assurances | R5b | (19,89) | |
| 61870000 Cotisations aux associations profession. | R5b | (170,00) | |
| **7. Corrections de valeur** | R7 | **(748,50)** | |
| a) sur frais d'établissement et sur immobilisations corporelles et incorporelles | R7a | (748,50) | |
| 63320000 DCV sur install. techniques et machines | R7a | (748,50) | |
| **8. Autres charges d'exploitation** | R8 | **(165,45)** | |
| 64130000 Licences informatiques | R8 | (140,45) | |
| 64680000 Autres droits et taxes | R8 | (25,00) | |
| **11. Autres intérêts et autres produits financiers** | R11 | **119,49** | |
| b) autres intérêts et produits financiers | R11b | 119,49 | |
| 75521000 Intérêts sur comptes bancaires | R11b | 119,49 | |
| **16. Résultat après impôts sur le résultat** | R16 | **(302,35)** | |
| **17. Autres impôts ne figurant pas sous le postes 1. à 16.** | R17 | **(535,00)** | |
| 68110000 IF - exercice courant | R17 | (535,00) | |
| **18. Résultat de l'exercice** | R18 | **(837,35)** | |
| **Comptes de résultat** | | **(837,35)** | |

## 5. Bericht vun de Keeserevisoren

Den Dries D'Exelle an Joseph Bsarani (allen 2 ware present) hunn all Dokumenter vun der Fiduciaire gekuckt gehat, an dem Bericht vum Keessier ( Luc Mangen) zougestëmmt, an Décharge vun de Memberen op der GV proposéiert.

## 6. Affektatioun vun de Resultater & legal Reserve

De President erkläert dann och datt dat negatiivt Resultat vun 837,35 € déi am Ufank vun enger Kooperativ ganz normal sinn. An den nächste Joren wäert och weider an aner Projeten investéiert ginn ier Dividenden erausginn.

**7. Budget 2024**

De Luc Mangen huet  en Iwwerbléck vun den Investissementer, Ausgaben an Einnahme fir Joer 2024 gemaach.

***Uerdentlech Ausgaben:***
*Frais Bank, Flyer, Homepage asw. )* *ca. 2000,00 €*

***Uerdentlech Einnahmen :***
*Stromverkaf Boulodrome* *3.609,00 €*
*Stromverkaf Grondschoul* *1.200,00 €*
*Zënsen, TVA.zréckerstattung*

***Ausseruerdentlech Ausgaben:***
*Projet Grondschoul Munneref* *88.574,00 € (acompte : 38.960,96 €)*

***Ausseruerdentlech Einnahmen:***
*Subsid fir d'Anlag Boulodrome* *6.687,87 €*
*nei Memberen*

EKR Matricule 2022 2500 134 EKR N° TVA LU 34751761

**8. Entlaaschtung vum Verwaltungsrot**

De Joresofschloss an d'Entlaaschtung vum VR ass eestëmmeg vun de Memberen op der GV per Akklamatioun ugeholl ginn.

**9. Neiwal vun de Keeserevisoren**

Déi 2 aktuell Keeserevisoren Dries D'Exelle a Joseph Bsarani si bereet hiert Mandat weider ze féieren. Per Akklamatioun ass hiert Mandat fir e weidert Joer verlängert ginn.

**10. Virstellung a Wal vun zousätzleche Verwaltungsrotsmemberen**

Et haten sech keng nei Membere fir de VR gemellt.

**11. Virstellung vun neie Projete an Entwécklungsziler**

De Sven Flammang ass a sengem detailléierte Bericht ausféierlech  op PV-anlag um Daach vum Boulodrome agaangen. Den 1. August 2023, den Dag vun der Aweiung war e grousse Moment fir eis Kooperativ. De Sven.huet an senger Ried e puer potentiell PV-anlagen virgestallt. Als nächste Projet gëtt am Juli/August 2024 eng 70 Kwp-PV-anlag um Daach vun der Munnerefer Grondschoul installéiert. Zu Réimech kann op dem Daach vum Centre de Visites eng 30 Kwp-Anlag gebaut ginn. Zu Kanech gëtt de Projet vun enger Anlag um Daach vun der Kierch weider ausgeschafft. Zu Ierpeldeng ass et méiglech eng 30 Kwp-Anlag op den Daach vum Centre Culturel ze maachen. Zu Schwéidsbeng ass um Daach vun der Brasserie am Hafen, an an der Gemeng Duelem ass eng Anlag um Daach vun der Maison Relais méiglech.
Des Weideren huet hien drop opmierksam gemaach, datt den 10. Juli um 19:00 an der «aler Schoul» zu Réimech eng Informatiounsversammlung ass.
Fir eis Projete méi rentabel ze gestalten soll versicht ginn,   iwwert  Plattform vun der «e-community», zesumme mat aneren Kooperativen,  an Zukunft eventuell de «gréng» Stroum selwer verkafen ze kënnen.
Och «d'auto-consommatioun» (E-Community) ass eng Piste déi bei zukünftege  Projete mat an d'A gefaasst gëtt.
Weider Informatiounsversammlungen an de «Partnergemengen» si geplangt. Eis Newsletter gi weiderhin ausgeschafft a reegelméisseg un d'Abonnenten (130) vermailt

**12. Verschiddenes a Froen**

De Präsident huet e puer Mol ernimmt, datt an Tëschenzäit genuch Projete realiséiert kéinte ginn, mee dofir musse nach weider Kooperateure fonnt ginn. De Buergermeeschter huet zum Ofschloss  op den Éierewäin agelueden.

Munneref, den 3.9.2024 President  Mike Molling

Membere vum Verwaltungsrot: ( Ënnerschréft)

Bruno Renders
Mayke Lentz-Herbrink
Luc Mangen

Daniel Schmit ( Sekretär)
Jean-Pierre Schengen
Gérard Willems ( abs. an entsch.)

Sven Flammang

**Anhang:** Presenzlëscht Kooperateuren / Prokuratiounen